ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 4.Januar 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'Diddelenger Autobunn A3 gëtt bekanntlech op 2 x 3 Spueren ausgebaut. D'Aarbechten sollen am ganze 5 Joer an Usproch huelen. Schonn am Hierscht z'zejoert hätt mam gréissere Schantjen sollen ugefaange ginn, dat hat den zoustännege Ministère sou ugekënnegt. Optakt vun den Aarbechten soll elo am Laf vun dësem Joer sinn.

An dësem Kontext géif ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Firwat ass et zu där Verspéidung, wat den Optakt vun den Aarbechten ugeet, komm?
2. Kann den Här Minister schonn en Zäitpunkt nennen, wéini genee mat den Ausbau-Aarbechten op der A3 ugefaange gëtt?
3. Wéi ass den Zäitplang vun den Aarbechten? Gëtt et e Kalenner vun de Schantercher aus deem ervirgeet, wat fir Streckendeeler a wéi eng Richtung wéini gespaart sinn?
4. Wat sinn déi genee Begleetmoossnamen, fir d'Stauen wärend dem Schantjen a Grenzen ze halen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique